ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 25. Mee 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Wéinst dem Chantier zu Ettelbréck op der Gare si provisoresche Bus-Arrêten installéiert ginn. Och wann op där Plaz zu Ettelbréck momentan geschafft gëtt, sollt awer ee Minimum u Sécherheet fir d'Passagéier garantéiert ginn. Dës provisoresch Arrête stellen e Nodeel duer fir all déi Leit, déi de Bus benotzen a notamment fir eis eeler Matbierger a Leit, déi op de Rollstull ugewise sinn, awer och Leit mat enger Kannerkutsch. Virun de provisoresche Busarrête sammelen sech grad zu de Spëtzestonnen eng Onmass vu Leit an et ass da fir déi lescht genannte Persounegruppe schwéier, laanscht dës Leit ze manövréieren, fir nach mat Zäiten hire Bus ze kréien. Et kënnt dann heefeg vir, datt dës Leit hire Bus verpassen a bis zu eng Stonn op déi nächst Verbindung waarde mussen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister riichten:

1. Wär et méiglech, déi provisoresch Bus-Arrêten e Stéck wäit no hannen ze réckelen, esou datt de Raum vum Passage automatesch méi grouss géif ginn?
2. Fir vun der Ettelbrécker Gare bis bei d'Busarrêten ze kommen, muss een e gutt Stéck Wee zeréckleeën. Wier et an deem Kontext méiglech, d'Horairë vun de Busser an den Zich esou openeen ofzestëmmen, datt an alle Fäll genuch Zäit bleift, fir déi weider Verkéiersverbindung nach ze erreechen? Och am Kader vum Schoultrafic kënnt et vir, datt Schüler hir Verbindung net méi mat Zäiten erreechen. Wier et an deem Kontext och méiglech, d'Horairë vun de Busser an den Zich esou openeen ofzestëmmen, datt och d'Schüler an alle Fäll hier weider Verkéiersverbindung erreeche kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten